Gudden Owend. Merci, dass ech hei däerf sinn.

Ech si ganz frou hei kenne meng Säit vun dëser Quarantaine ze erzielen.

Ech sinn ee Schüler aus dem Lycée Ermesinde zu Miersch an ech war gewinnt meeschtens dobaussen ze sinn, entweder an der Schoul oder mat menge Frënn.

An dofir war de Lockdown fir mech net ganz licht.

Alles wat ech wärend deenen 8 Woche gemaach hunn, ware meng Aufgabe fäerdeg ze maachen, Serië ze kucken a puer mol och Sport ze maachen. Mee iergendwéi sinn di 8 Woche schnell erëm gaangen. Och wann ech net wierklech eppes ze dinn hat, ass et fir mech schnell gaangen.

-------

Ech fannen dass ech aus deenen 8 Wochen en puer Saache geleiert hunn.

Ech soll sou vill Zäit mat menger Famill verbréngen, well ech ni weess wei vill Zäit mir nach zesummen hunn.

Ech hunn och geleiert méi Wäert op meng Saachen di ech schonn hunn ze leen.

Ech hat ni bemierkt wie vill Fräiheet ech vir der Quarantaine schonn hat.

Erreecht wou ee mir eppes ewech geholl huet, hunn ech ugefaangen op dat Wäert ze leen.

Wou ech fir déi éischte Kéier rëm an d'Schoul gaange sinn, war ech imenz frou kenne meng Frënn no 8 Wochen nees ze gesinn.

Ech hunn Frënn vu verschiddene Reliounen, Hautfaarwen, Nationalitéiten, a mir ass dat alles ganz egal.

Ech kucken net eng Persoun vu bausse mee vu bannen.

An ech mengen dat sollt och jidderee kenne maachen. Keen hat solle bestrooft gi well dee géif „aneschters“ ausgesinn, well mir all Mënschen sinn a mir gesinn all vu banne selwecht aus. Meng Nationalitéit ass Portugis, a meng Eltere sinn Auslänner a mir goufen ëmmer selwecht behandelt wei jiddereen an dat soll och esou bleiwen.

Meng mam ass an 1991 a Lëtzebuerg ukomm a mäin Papp ass an 1989 a Lëtzebuerg ukomm. Sie hunn sou gutt wie vun 0 ugefaangen an hei gesaiert ee wie Lëtzebuerg en sou gudd Land ass, well en eis sou vill Méiglechkeete gëtt eis Liewe vun 0 opzebauen. Dofir fannen ech et sou wichteg, dass mer dee Feierdag feieren.

-------

Ech wéilt nach en grousse Merci soen dem Buergermeeschter, Monsieur Weimerschkirsch a der Madame Huber a wënschen iech all nach en schéinen Owend a muer en schéinen Nationalfeierdag.